

Lëtzebuerg, de 19. Juni 2020

Avis zu de leschten zwou Wochen Schoul vum Se- condaire am Schouljoer 2019-2020

Mir sinn an enger Krisen a Krisesituatioun fuerdert Decisiounen, déi mat engem immens groussen Zäitdrock verbonne sinn. Mir si lo an der Phase vum Déconfinement, eng weider speziell Situatioun, déi et ze meeschtere gëllt fir eng zweet Well ze vermeiden.

D'Schüler hunn immens grouss mental Efforte gemaach, a wéi den Här Meisch et kloer gemaach huet, war de Confinement keng Vakanz an dorun hunn mir eis Schüler/Schoulen och gehalen. D'Schüler, souwéi d'Enseignanten, d'Elteren an déi aner Acteuren, stoungen a stinn de Moment ënner grousser Laascht well ee fir d'éischt de Homeschooling misst plangen an sech ëmstelle misst an duerno sinn A a B Gruppen entstanen an et konnt een erëm zrëck a Schoul, wat och begréisst ginn ass vun der CNEL, obwuel deemools nach vill Onkloerheeten am Raum stoung waat d'Schüler veronsechert huet. Et geet elo zum Enn vum Joer zou, an dat mécht sech bemierkbar. Den A&B-Wochesystem huet sech mëttlerweil gut agependelt trotz Bedenken an d'Schüler krazen hier lescht Motivatioun zesummen, fir am Endspurt nach eng Kéier Gas kënnen ze ginn.

Elo krute mir d'Schüler Nouvelle dass een déi lescht 2 Wochen nees zesummen an d'Schoul kann an d'Reaktiounen vun de Schüler waren eendeiteg. Dofir si mir als CNEL géint dës Schrëtt.

Mir präziséieren, dass d'CNEL der Meenung ass, dass de Schoulufank am September no Méiglechkeet rëm ouni A&B-Woche stattfanne soll. Wieren mir elo och réischt an der Péngschtvakanz, hätte mir och verstane Klasse fir déi lescht Wochen zesummen ze leen. Mir gesinn et just net a fir et zwou Woche virun der grousser Vakanz ze änneren an dofir hunn mir verschidde Grënn.

Wéi scho präziséiert stécht hannert dem ganze System eng enorm Organisatioun, vun allen Acteuren. Des Organisatioun, soll elo erëm fir 2 Wochen zesummen an d'Schoul ze goe ganz op de Kapp gestallt ginn. Mir sinn dovunner iwwerzeegt, dass et immens vill Stress wäert ginn fir d'Proffen, an sou och fir d'Schüler, fir de Programm nach eng Kéier ëmzegrämpelen. Mir fäerten dass domadder méi Energie an d'Ëmorganisatioun gestach gëtt, wéi nach vun deene leschten Wochen ze profitéieren eise Cour ze léieren.

Mat den A&B Gruppe ware Klasse méi kleng an do huet sech erausgestallt dass Stëmmung an der Klasse méi angeneem war, et war méi roueg an dofir och méi konzentréiert an et ass een besser virun komm an d'Proffe konnten sech méi individuell op d'Schüler konzentréieren. Wéinst dem Homeschooling déi Méint virdru fanne mir et wichteg dass elo d'A&B Gruppe bäibehale gi fir déi lescht 2 Wochen, sou kann ee säin Joer anstänneg ofschléissen a well Klasse méi kleng si kenne Proffe méi op déi Schüler agoen déi Problemer mam Homeschooling haaten. An dass ee mat néier frëscher Energie am September nees mat de ganze Klasse viru fiert.

Mir sinn och der Meenung dass de Virus nach net aus der Welt ass a mir hunn all vill Efforte gemaach fir en net ze verbreedden. Am September ass en sécherlech och nach net aus der Welt, mir musse léieren domadder ze liewen. Mee do wënsche mir als CNEL dass ee Sommervakanz notzt fir eng sécher Rentrée ze preparéiere mat ganze Klassen trotz Virus.

Mir stellen eis dofir folgend Froen: Ass et derwäert fir sech fir zwou Woche Schoul, vun deenen net mol garantéiert ass, datt se méi produktiv wäerten si wéi eng Übungs-/Léierwoch, ëmzestellen an ass et wierklech de Wäert all eis Efforte vun deene leschte Méint op d'Spill ze setze fir déi lescht 2 Wochen?

Kimon Leners
President CNEL

